PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Konsumenteschutz & Wirtschaft weiderzeleeden.

Heiansdo kënnt et vir, datt eng friem Persoun bei engem un der Dier schellt oder een ee Flyer vun enger Firma an der Bréifkëscht fënnt, mat der Offer, Aarbechten um Haus fir een attraktive Präis duerchzeféieren. Verschidde potenziell Clientë sinn dann net ofgeneigt hiert Haus zu engem gudde Präis ze renovéieren an d'Firma z'engagéieren. Allerdéngs kann de Client op Basis vum Flyer oder dem éischte Gespréich net ëmmer wëssen, op dës Firma an hier Aarbechter regulär zu Lëtzebuerg ugemellt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wou kënne Privatpersounen nofroen, ob eng auslännesch Firma, déi se engagéiere wëllen, beim Wirtschaftsministère ugemellt ass?

   Wou kënne privat Persounen nofroen, op eventuell detachéiert Aarbechter vun dëser Firma bei der ITM ugemellt sinn?

2. Am Luxembourg Business Register kann een sech iwwert Betriber informéieren, déi ee Sëtz zu Lëtzebuerg hunn. Wéi ass et awer mat Firmen déi just fir eenzel Opträg am Land sinn? Wou steet ee par rapport zu den Independanten?

   Wéi steet den Här Minister zu enger deem entspriechender Erweiderung vum LBR?

3. D'Lëtzebuergescht Gesetz gesäit fir, d'ass Persounen, déi Affer vu *pratiques commerciales trompeuses* goufen, sech bei der UCL, der CEC oder der Police kënne mëllen. An dësem Fall, gëtt eng *procédure de référés* lancéiert.
   A Frankräich kënnen d'Léit sech um Site vun der *Direction générale de la concurrence, de la consommation et de la répression des fraudes* mëlle wou se online Dokumenter kënnen eroplueden, déi da vun enger Kontakt-Persoun gepréift ginn. Dës Kontakt-Persoun kann direkt d'Police oder Douane op d'Platz schécken. Ausserdeem kann de Kontakt dann tranchéiere, sief et no der Analyse vun de geliwwerten Dokumenter,

respektive baséiert op der Kontroll sur place vun den Agenten, op se d'Prozedur iwwert de Referé lancéiert. Dës Prozedur ass hëllefräich, am Fall wou d'privat Persoun sech net sécher ass, op eng *pratique commerciale trompeuse* vierleit.

Wéi steet den Här Minister zou esou enger Prozedur ?

4. Laut dem **Art. L. 222-8** vum **code de la consommation:**

(1) Tout contrat conclu en dehors d'un établissement commercial suite à un démarchage, ou à une sollicitation de commandes lors d'une visite ou suite à une visite (non autorisée) par ou pour un professionnel au domicile d'un consommateur ayant manifesté son refus d'être démarché ou sollicité en apposant un autocollant, une vignette ou toute autre indication ad hoc sur la porte d'entrée de sa maison, de son appartement ou de l'entrée principale de l'immeuble dans lequel est sis son appartement ou ayant ***adhéré à une liste de consommateurs refusant tout démarchage ou sollicitation de commandes*** *est nul de plein droit. Cette nullité ne peut toutefois être invoquée que par le consommateur.*

Ëm wéi eng Lëschten handelt et sech an dësem Fall?

Wéi kann eng Persoun sech op esou enger Lëscht androe lossen?

Hunn Betriber Accès op dës Lëschten, fir kënnen ze iwwerpréiwen op si d'Recht hunn eng Visite maachen ze goen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député